N°8139
Entrée le 11.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.07.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/07/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.**

D'Piraten hunn 2022 de Gesetzesvirschlag n°8096 deposéiert, mat deem ee Subsid fir negativ Emissiounstechnologië soll opgestallt ginn. D'Moossnam 522 vum Klima- an Energieplang (PNEC) gesäit vir, ee Pôle de Recherche anzeféieren, deen eng Strategie fir negativ Emissiounstechnologien zu Lëtzebuerg soll opstellen:

> *Vu l'évidence scientifique indéniable concernant le besoin d'émission de GES négatives en vue de l'atteinte de l'objectif de la neutralité climatique, le gouvernement est conscient de l'importance du sujet de technologies de carbon capture and utilisation (CCU) respectivement de direct air capture (DAC), et propose ainsi d'analyser le sujet de manière holistique. Idéalement, un pôle de recherche public-privé réunissant les acteurs de la recherche publique et de l'industrie pourra mener une telle analyse, établir une stratégie appropriée et accompagner la mise en œuvre de projets-pilotes et le déploiement des technologies retenues.*

Dëse Pôle de Recherche soll sech och mat engem eventuelle Subside fir dës Technologië befaassen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann den Energieminister scho soen, wéi eng privat Acteuren a staatlech Verwaltungen an Departementer an dësem Pôle de Recherche wäerte vertruede sinn?

2. Wéi eng Departementer am Ministère sinn zoustänneg, fir d'Moossnahm n°522 vum PNEC ze begleeden an ze realiséieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten